

Press release (please do not publish before November 5th)

Dat 1. Lidderbuch vun der EU (EU Songbook) gött no 9 Joer publizéiert – mat 6 Lëtzebuenger Lidder.

No 70 Joer, wou an der Europäescher Unioun besonnesch den Handel vun ënnerschiddleche Ressourcen am Vierdergrond stoungen, ass elo och d'Zäit vu kulturellem Austausch: de Lidderschatz. Et ass e kulturelle Meilesteen: dat 1. Lidderbuch vun der EU (engl: EU Songbook), dat vun der Zivilgesellschaft onofhängeg vun EU Institutiounen zesummegebroe gouf, ass elo endlech publizéiert ginn am Print-Format a mat enger App. Déi 6 ausgewielte Lëtzebuenger Lidder, déi vum Public gewielt gi sinn, sti fest.

Ënnert dem Motto "Unity in Diversity" also Eenegkeet duerch d'Veerschiedegkeet gi vun haut u Lidder an der ganzer EU gefeiert duerch dëst Lidderbuch vun der EU, dat wichteg Pionéieraarbecht an dësem Beräich gelescht huet. Dëst Lidderbuch ass mat der Hëllef vun iwwer 100 Museksorganisatiounen, Conservatoiren, souwéi iwwer 400 Medie vu 87.000 Bierger vun der ganzer EU realiséiert ginn. D'Resultat sinn 164 Songs, 6 vun alle 27 EU Memberstaaten, déi souwuel an de 25 Original-Sproochen wéi och an enger sangbarer *europäesch-inglescher Versioun* neiftenee presentéiert ginn.

Déi lëtzebuergesch Participatioun um Projet

A Kollaboratioun mat der *Union Grand-Duc Adolphe (UGDA)*, dem *Institut Européen de Chant Choral Luxembourg (INECC)*, an dem *Conservatoire de la Ville de Luxembourg*, vun deenen d'Nominatiounen koumen, goufen 2018 beléifte lëtzebuenger Lidder vun 1.511 Leit an enger ëffentlecher Ofstëmmung ausgewielt, déi vu Klassik Aktuell, Radio 100.7, L'Essentiel, RTL an dem Lëtzebuenger Journal verbreet gouf:

1. Libeslidd: **Hey Du** (1993) – (Romain Bernard / Cool Feet)
2. Natur a Joreszäiten: **D'Margréitchen** (1883) – (Laurent Menager / Michel Lentz)
3. Fräiheet a Fridden: **De Feierwon** (1859) – (Jean Antoine Zinnen / Michel Lentz)
4. Volleklidder an traditionell: **Kättche, Kättche** - (J. Eiffes / W. Goergen)
5. Glawen: **Ons Himmelsmamm / "O Mamm, léif Mamm..."** - (P. Barthel / C. Müllendorff)
6. Kannerlidd: **Léiwe Kleeschen** – (Madeleine «Pëppy» Beicht / W. Goergen)

Déi zwee „EU Songbook“ Editeure fir Lëtzebuerg sinn d'INECC (Institut Européen de Chant Choral Luxembourg) an d'UGDA (Union Grand-Duc Adolphe). Den André Heinen, President vun der UGDA, seet zu den ausgewielte Lidder:

„Et ass virun allem eng Selektioun vu Lëtzebuenger Klassiker, déi fest an eiser Kultur verankert sinn an eist Land kulturell gutt duerstellen. Eleng dat berüümt „Mir wëlle bleiwe, wat mir sinn“ aus dem „Feierwon“ ass bis haut onvergess an ënnersträicht eis

kulturell Identitéit. D'Iddi hannert dem Lidderbuch ass jo och gewiescht, dass dëst Lidderbuch d'Identitéit vun eisen EU Memberstaaten duerstellt an een dës Identitéit och mat deenen aneren deele kann. Duerch déi englesch Iwwersetzung kann och jidderee besser d'Kultur vun deenen anere Länner kenneléieren, wat eng immens Beräicherung ass. Wien also déi aner Natioune vun der EU musikalesch kenneléiere wëll, huet elo fir d'éischt Kéier déi Méiglechkeet.“

Och wann dëse Projet vun engem Lidderbuch vun der EU net iwwer d'Europäesch Institutione lancéiert gouf, mee vill méi vun der Zivilgesellschaft, ass dës Initiativ vun 18 Kulturministeren staark ënnerstëtzt ginn, dorënner och vun der deemoleger Kulturministesch Sam Tanson, esou wéi och vum Europäesche Parlament, dat d'Lidderbuch vun der EU mat dem *European Citizen's Prize 2023* ausgezeechent huet.

Lost 'n found - in translation

Fir Lëtzebuerg ass den Edward Seymour ausgewielt gi fir déi 6 lëtzebuergesch Lidder an e sangbart *Europäesch-Englesch* ze iwwersetzen. Den Edward Seymour leeft säit 1976 zu Lëtzebuerg an huet als Iwwersetzer fir d'Europäescht Parlament geschafft, huet dem Goethe säin "Iphigenia" iwwersat a sengt Bass an zwee Chéier, "Anglican Church" an "The Art of Music". Seng Reflexiounen zu dësem Songbook:

„Dat war vläicht eppes Neies: d'Lyrik vu menger neier Heemecht op gesankfrëndlecht Englesch iwwersetzen! Ech hat mech natierlech als Iwwersetzer vu Beruff beméit, lieserlech Englesch-Versiounen vu politesche Schrëften ze maachen. Mee Lidder! Op Englesch hat ech dacks Kierchelidder gesongen, awer nimools Songs geschriwwen. Et war dach eng Freed esou wéi och eng Eier fir mech, besonnesch als Immigrant nom Brexit, dat ze probéieren. Ech hoffen, dat d'Resultat vu mengem Schaffen e puer Leit hëlleft, e bësse vun der Kultur vu Lëtzebuerg ze genéissen“.

Vum Byzantinesche Räich bis hin zu Rock-Classics

All 164 Lidder sinn opgeschriwwen fir Solo-Gesang mat Akkorden a mat Text an der jeeeweils originaler Sprooch an direkt donieft a sangbarer *europäesch-englescher* Versioun. E Mosaic vun Introduktiounen, déi vun 61 nationalen Editoren erstallt gi sinn, bitt en eenzegaartegen Abléck an déi europäesch Museksgeschicht iwwer 6 Joerzénge, vun enger byzantinescher Hymn bis hin zu europäesche Rock-Classics.

Wie sech d'Lidder ullauchtere wëll, huet d'Méiglechkeet, dat iwwer d'QR-Coden op de Partitiounen ze maachen a sech dobäi original Opnamen unzelauchteren. Zousätzlech ass eng gratis App disponibel fir all déi, wou um Austausch vun europäesche Lidder wëllen deelhuefen.

Jeppe Marsling (50), den dänesche Grënner vun der europäescher non-profit NGO hannert dem Projet, erkläert zu den Intentiounen hannert dem Lidderbuch vun der EU:

“With the EU Songbook, we hope to enable the 27 populations to live less parallel lives through song exchange. We chose the term ‘European English’ on the cover because it reflects the way we Europeans speak our most common second-language—coloured by our native tongues. It is not meant for perfection, but for heart-to-heart dialogue. The EU Songbook is intended for all kinds of meetings between all kinds of people, whether in good times or times of crisis: for education, concerts, diplomatic engagements, or even for first-time conversations on a train or in a café. Moreover, we hope to inspire singing events on the largely silent annual Europe Day, May 9th—our European ‘Dependence Day’.

De Jeppe Marsling erkläert also, dass ee mat dem EU Songbook erreeche wëll, dass d’Leit an der EU manner parallel zuenee liewen a méi en Austausch mateneen hunn. Dofir ass och dat explizit erwäanten “European-English” also *Europäesch-Englesch* fir hie wichteg gewiescht, fir ze ënnersträichen, dass dat eis meeschtgeschwaaten Zweetsprooch ass, wat duerch eis ënnerschiddlech Mammesproochen en aneren Toun huet. Dës Form vun Englesch ass net geduecht fir perfekt ze sinn, mee stattdessen fir den häerzlechen Dialog tëscht de Leit, a gudde wéi a schlechten Zäiten: fir d’Educatioun, Concerten, diplomatesch Verpflichtungen, oder och fir éischt Gespréicher am Zuch oder an engem Café. Doriwwer eraus hoffen d’Leit hannert dem EU Songbook, dass si een inspiréiere kënne fir am Kader vum bis elo a ville Länner nach relativ rouegen Europa-Dag den 9. Mee op Eventer ze sangen.

D’Lidderbuch vun der EU ass elo disponibel an der EU, an der UK an an den USA. D’WebApp mat den 164 Titel, Introduktiounen a Links zu Youtube, ka fräi erofgeluede ginn am App Store an op Google Play iwwer folgende QR Code:



Comments from EU Songbook editor for Luxembourg:

Arend Herold, director, Institut Européen de Chant Choral Luxembourg (INECC),

herold@inecc.lu / T +352 26 430 481

Comments from EU Songbook editor for Luxembourg:

UNION GRAND-DUC ADOLPHE (UGDA)

Tél: (+352) 46 25 36-1 / direction@ugda.lu

For interview with lyrics translator:

Edward Seymour: eseymour@pt.lu

EU Songbook (NGO): Jeppe Marsling, chair, +45 71 54 13 61 / editor@eu-songbook.org